



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 29 avril 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n°2007 du 13 mars 2020 des honorables Députés Max Hahn et Claude Lamberty concernant le détecteur de fumée pour sourds

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Gemeinsam Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Här Minister fir d'sozial Sécherheet, Romain Schneider, op d'parlamentaresch Fro n° 2007 vun den honorabelen Deputéierte Max Hahn a Claude Lamberty iwwert d'Dampmelder fir daf Leit

Mam Akraafttriede vum Gesetz vum 6. Dezember 2019 betreffend d'obligatoresch Installatioun vun Dampmelder, muss all Persoun säit dem 1. Januar 2020 mindestens een Dampmelder Doheem an all Wunnraum, sou wéi de Fluchtweeër installéiert hunn. Dëst fir d'Sécherheet vun der ganzer Famill.

An deem Kader konnt all Communauté domestique op d'Gemeng oder bei den Inneministère e gratis Dampmelder siche goen. Während der *Home & Living Expo* konnte weider Dampmelder un d'BiergerInnen verdeelt ginn.

D'Inneministesch ass vun der Asbl "Solidarité mit Hörgeschädigten" mam Problem befaasst ginn, datt déi Dampmelder déi verdeelt gi sinn, net adaptéiert si fir BiergerInnen déi schlecht oder guer net héieren.

D'Regierung ass sech dëser Situatioun bewosst a kennt och déi verschidde Modeller déi et un Dampmelder ginn.

De Moment kënnen dës spezifesch Apparater nach net vun der Fleegeversécherung iwwerholl ginn.

Allerdéngs gouf awer an enger 1. Etapp analyséiert, ob an a wéi enge Konditiounen déi speziell Dampmelder kënnen iwwerholl, bzw finanziert ginn, am Respekt vun den aktuelle gesetzlechen Dispositiounen an Obligatiounen.

An dem Kontext goufen et schonn Échangen tëschent de betraffene Ministèren a Verwaltungen, déi solle weidergefouert gi fir eng definitiv Léisung ze fannen.

Fir datt d'Fleegeversécherung dës Dampmelder kéint iwwerhuelen, misst op Säite vun der sozialer Sécherheet d'Legislatioun adaptéiert ginn, méi genau d'Annexe vum ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 18. Dezember 1998 *fixant les modalités de la détermination de la dépendance*.

Vun der Fleegeversécherung kéinten dann d'Geräter fir déi Bénéficiairen en Charge geholl ginn, déi ënnert den Artikel 2 vun dësem Reglement falen:

« Toute personne dont la capacité auditive de la meilleure oreille avec correction par appareillage permanent et/ou implant cochléaire - à moins que cette correction ne puisse être réalisée - est réduite de plus ou égale à 75 dB en audiométrie tonale, ou qui présente un seuil d'intelligibilité égal ou supérieur à 70 dB en audiométrie vocale en champ libre, a droit à une prise en charge forfaitaire de 361 minutes par semaine. »